# NEWSLETTER III

*Februar Février 2022*

MOUVEMENT
PATRIMONIAL
*Eng Initiative fir den Denkmalschutz*

*Mouvement Patrimonial* schwätzt an seng Newsletteren
iwwert déi verschidde Baustilen, déi et zu Lëtzebuerg je no Regioun ginn.

## De Renaissance Baustil

An dem léschten « Newsletter » hu mir iwwert de romanesche Baustil geschwat. Elo interesséiere mir ons fir d'Renaissance, déi sech iwwert d'15. an d'16. Joerhonnerte gestreckt huet.

Nei architektonesch Formen, awer och deen domat verbonnene Geescht vun der Renaissance, hu sech vun der Mëtt vum 15. Joerhonnert un, als Grondlag vun der moderner europäescher Kultur duerchgesat. Si tauchen awer eréischt ronn 100 Joer spéider zu Lëtzebuerg op. No der staark sakral-geprägter Gotik, huet sech d'Renaissance erëm op griichesch réimesch Forme baséiert.



Beeforter Schlass
Bijou vun der Renaissance Architektur zu Lëtzebuerg

D'Schlass zu Beefort, am Kanton Iechternach, ass a bleift ee vun de bemierkenswäerten Zeie vu dëser Period am Grand-Duché. Et huet vill Charakteristike vun dësem neie Stil, wéi zum Beispill: oppen Arkaden, hell a strikt Fassaden no klor festgehalenen Achsen oder absënns grouss stenge Kräizfënsteren. Dëss Fënsterform huet an onser Regioun bis wäit an d'Barockzäit (18. Joerhonnert) dominéiert.



Beeforter Schlass
Bijou vun der Renaissance Architektur zu Lëtzebuerg

Den Iwwergank vun enger Bauform an déi aner huet sech hei am Land nëmme lues a lues entwéckelt a bal onbemierkt. Besonnesch déi Charakteristiken aus Steen, wéi Zwillingsfënsteren, gi vill laang Jore lokal gebaut, well ons ländlech Géigende esou isoléiert waren, awer och wéinst den handwierkleche Gebräicher. D'Handwierker sinn hiren Traditiounen trei bliwwen.

Leider sinn zu Lëtzebuerg nëmmen e puer Objeten aus der Renaissance iwwreg bliwwen.

Jérôme Reuter, Vize-President

Quellen: Topographie der Baukultur (Kanton Echternach)

---> Version Française, Page 2
---> Deutsch Version, Seite 2

### Wëllt dir Member ginn ? Melt Iech un!

Dir wëllt Member vun **Mouvement Patrimonial Asbl** ginn an domadder ären Beitrag fir d'Beméiungen an d'Aktiounen vun dësem Interesseveräi fir den Denkmalschutz an d'Wäertschätzung vum lëtzebuergeschen Kulturierwen leeschten ?

Iwwerweist ären Joresbäitrag ob de Konto
**LU59 0019 5355 1506 4000,** bei der **BCEE**
vun **Mouvement Patrimonial Asbl**
an bestätegt domadder är Memberschaft (gülteg bis den 31.12.2021, min. **€ 20,-**, min. € 10,- fir Studenten, min. € 50,- fir Organisatiounen).

Schreift eng Email op mouvement@patrimonial.lu, an mir schécken Iech gären en Umeldeformulaire (op LU, FR, DE, GB oder IT).

**MOUVEMENT PATRIMONIAL Asbl.**
*Eng Initiative fir den Denkmalschutz*

+352 661 145 409 (Paul Ewen)
mouvement@patrimonial.lu
www.mouvement-patrimonial.lu (en construction)

MouvementPatrimonial
mouvementpatrimonial.lu
MouvementPatri3

## Bautypus Renaissance

In der letzten Newsletter sprachen wir über den Baustil der "Romanik" in Luxemburg. Nun interessieren wir uns für die Renaissance, die sich über das 15. und 16. Jahrhundert ausstreckte.

Neue architektonische Formen, aber auch der damit verbundene Geist der Renaissance, setzten sich ab Mitte des 15. Jahrhunderts als Grundlage der modernen europäischen Kultur durch. Diese tauchten jedoch erst rund 100 Jahre später in Luxemburg auf. Nach der stark sakral-geprägten Gotik, brachte die Renaissance eine Rückbesinnung auf griechische und römische Formen mit sich.

Das Schloss Befort, im Kanton Echternach, zählt nach wie vor zu den bemerkenswertesten Zeugnissen dieser Periode im Großherzogtum. Es weist viele Merkmale dieses neuen Stils auf, wie zum Beispiel offene Arkaden, helle und nach klar festgelegten Achsen strikt strukturierte Fassaden oder insbesondere große Steinkreuzfenstern. Diese Fensterform dominierte in unserer Region bis weit in die Barockzeit hinein (18. Jhdt.). Der Übergang von einem Bauarten zum anderen vollzog sich hierzulande nur allmählich und fast unbemerkt. Besonders die steinernen Gestaltungsmerkmale wie diese Zwillingsfenstern blieben recht lange erhalten. Dies ist auf die ländliche Abgeschiedenheit, aber auch auf die handwerklichen Gebräuche zurückzuführen. So blieben die Handwerker ihren Traditionen treu.

In Luxemburg sind leider nur wenige Objekte aus der Renaissance Zeit erhalten.

Jérôme Reuter, Vize-President

Quellen: Topographie der Baukultur (Kanton Echternach)

Sie möchten **Mitglied von Mouvement Patrimonial Asbl** werden und sich aktiv für den Schutz vom Luxemburgischen Denkmal einsetzen?

Schicken Sie uns eine Email an **mouvement@patrimonial.lu**, und wir schicken Ihnen einen Anmeldeformular (auf LU, FR, DE, GB oder IT). Bestätigen Sie Ihre Mitgliedschaft mit Ihrem Beitrag :

**LU59 0019 5355 1506 4000,** bei der **BCEE**
an **Mouvement Patrimonial Asbl**
(für das Jahr 2021, min. **€20,-**, min. €10,- für Studente, min. €50,- für Gewerbe oder Vereine).

Vous souhaitez **devenir membre de Mouvement Patrimonial Asbl** et participer à nos efforts pour la défense du Patrimoine Architectural du Grand-Duché ?

Envoyez-nous un email à mouvement@patrimonial.lu, et nous vous enverrons le formulaire d'adhésion (en LU, FR, DE, GB ou IT). Confirmez en suite votre adhésion en virant votre cotisation sur :

**LU59 0019 5355 1506 4000,** à la **BCEE**
au nom de **Mouvement Patrimonial Asbl**
(pour l'année 2021, min. **€20,-**, min. €10,- pour les étudiants, min. €50,- pour les organisations).

MOUVEMENT
**PATRIMONIAL**

*Eng Initiative fir den Denkmalschutz*



Schloß Befort - Château de Beaufort
Fleuron luxembourgeois d'Architecture Renaissance

## Le style Renaissance

Après l'Art Roman, que nous vous présentions dans notre précédente newsletter, nous nous intéressons aujourd'hui à la Renaissance, qui couvre les XVe et XVIe siècles.

Ce sont de nouvelles formes architecturales, mais aussi de façon plus générale l'esprit associé à la Renaissance, qui s'installent comme les fondements de la culture européenne moderne dès le milieu du XVe siècle, même s'ils n'apparaissent au Luxembourg qu'avec une centaine d'années de retard. Après l'art gothique, la période Renaissance amène avec elle des formes et des tendances qui rappellent l'art greco-romain.

Le château de Beaufort, dans le canton d'Echternach, en reste un des plus remarquables témoins au Grand-Duché. Il présente en effet de nombreux traits caractéristiques de ce nouveau style, que sont par exemple des arcades ouvertes, des façades claires et strictement structurées selon des axes clairement déterminés ou plus particulièrement de grandes fenêtres croisées en pierre. Ce type d'ouverture était très répandu dans nos régions reculées, si bien que la transition d'un style architectural à l'autre s'est faite de façon singulièrement progressive, et quasiment inaperçue. Les éléments de construction en pierre, comme les fenêtres jumelées, ont longtemps dominés dans l'architecture locale, en raison de notre isolement rural, mais aussi des traditions artisanales, qui firent que les artisans ont préféré maintenir leur habitudes.

Malheureusement, seuls quelques objets de la Renaissance sont encore debout au Luxembourg de nos jour.

Jérôme Reuter, Vice-Président

Sources : Topographie der Baukultur (Kanton Echternach)

Fir méi Informatioun iwwert eis Aktivitéiten
Für mehr Info über unsere Aktivitäten
Pour plus d'infos sur nos activités
**www.mouvement-patrimonial.lu**

## Wat ass geschitt ...

13|02 Ënnerschrëft vun de Statuten vun der LDF-Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun zesummen *mat 5 weider Associatiounen* :
- Biergerinitiativ Gemeng Kielen a.s.b.l.
- Biergerinitiativ Quo Vadis Käerch a.s.b.l.
- Comité Alstad a.s.b.l.
- Lampertsbierger Geschichtsfrënn a.s.b.l.
- Sauvegarde du Patrimoine a.s.b.l.

Voir Kommentar heiniewend.

05|03 Eise Präsident, Paul Ewen, gëtt Präsident vun der LDF

18|03 **Covid-19 Confinement:** *d'Réuniounen vum Conseil haalen sech per Video-Konferenz*

28|04 Courrier un d'Adm. des Ponts & Chaussée iwwert den Status vun engem Weekräiz zu Suewelbuer

03|05 Keeseminnen: Mouvement Patrimonial ënnerschreift en oppene Bréif vun der A.s.b.l. IK-CNCI (Industriekultur - Centre National de la Culture Industrielle)

29|05 Assemblée Générale 2020 per Video-Konferenz

21|09 Versammlung mam IK-CNCI

21|10 Versammlung mam Service des Sites et Monuments Nationaux vum Kulturministère

21|10 Präsenz an der Chambre des Députés beim Dépôt vun der Pétitioun Nr 1638 vum Facebook-Group "Luxembourg Under Destruction"

2020

2021

02 Contact an Entrevuen mat de Schüleren vum Mamer Lycée am Kader vun hirem Projet iwwert de Patrimoine Bâti.

29|04 Fonds du Patrimoine : D'Memberen vum Conseil versammlen sech an enger Réunion extraordinaire per Video-Konferenz, fir iwwert dësen Thema ze schwätzen

14|05 "Plaidoyer pour la transparence", Artikel vum Paul Ewen am Kader vun der Entdeckung vun der aler Kierch St. Ulric am Gronn (siehe Säit 4)

Eise Präsident gët am Numm vu Mouvement Patrimonial an och vun der LDF verschidden Interview, déi vun de lokale Medien gefrot ginn, wéi RTL, den Quotidien, den Tageblatt, ... iwwert Themen wéi d'LDF, St Ulric, Echternach, ...

## Et steet nach Villes um Programm:

- dat neit Denkmalschutzgesetz
- de Fonds du Patrimoine
- wäertvoll Gebaier uechtert Land schützen ze loossen
- Sensibiliséierungs- an Educatiounsaarbechten
- Asaz fir d'Qualitéit vum Espace Public

Gitt Member, dann kënne mir nach vill méi maachen a bewierken. Melt Iech un mouvement@patrimonial.lu.

MOUVEMENT PATRIMONIAL

*Eng Initiative fir den Denkmalschutz*

## Se sinn leider gefall ...


Château de Heisdorf, dépendances


Château de Heisdorf, dépendances

## Se sinn a Gefor ...


Grintzingen ©M. Schoentgen


Oberdonven


Vestiges médiévaux, Echternach


Mondercange

## Méi staark zesummen!

No e bessi méi wéi ee Joer, huet sech d'Memberschaft bei der **LDF - Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun** schon verduebelt, an mir hoffen nach méi Associatiounen z'iwwerzeegen, dass mir zesummen méi staark sinn!

*Dir sidd Member bei enger lëtzebuerger Associatioun déi sech e.a. fir den Patrimoine Architectural asetzt?*

***Mellt iech bei eis oder bei der LDF, entweder per Email (info@ldf.lu), oder op der Homepage www.ldf.lu .***

Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun LDF

## Hei en puer Sujeten, déi eis a lèschter Zäit, e.a. interesséiert hunn ...

MOUVEMENT PATRIMONIAL

*Eng Initiative fir den Denkmalschutz*

Mouvement Patrimonial, représentéiert vun sengem President Paul Ewen, huet bei enger Entrevue tëschent der LDF - Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun an der Inneministesch Mme Taina Bofferding den 6.05.2021 deelgeholl.

Mouvement Patrimonial, vertreten durch seinen Präsident Pol Ewen, hat bei einem Treffen zwischen der LDF - Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun und der Innenministerin Frau Taina Bofferding am 6.05.2021 teilgenommen.

Mouvement Patrimonial a participé le 6.05.2021, représenté par son Président Paul Ewen, à une entrevue entre la LDF- Lëtzebuerger Denkmalschutz Federatioun et la Ministre de l'Intérieur Mme Taina Bofferding.



Entrevue LDF et la Ministre de l'Intérieur Taina Bofferding (©MINT)



Vestignes de l'Eglise St-Ulric, Luxembourg-Grund (©2020 André Kirsch)

**Extrait de l'article de presse du 14/05/2020 rédigé par notre le président du Mouvement Patrimonial :**

Depuis quelques jours, les nouvelles de la découverte sensationnelle de vestiges de l'époque de Saint Willibrord (658-739) à Echternach, le saint-patron du Grand-Duché de Luxembourg, circulent. Mais plus encore sur l'attitude de certains membres du conseil communal d'Echternach vis-à-vis de ce patrimoine d'une valeur patrimoniale et historique unique pour le pays. Au lieu de se réjouir de ce cadeau rare, d'ailleurs dotée d'une valeur touristique à long terme pour Echternach, on ne parle que de parkings souterrains.

**Méi doriwer ?** mouvement-patrimonial.lu

### Dir sidd schon Member ? Maacht aktiv mat!

Wëllt Dir lech am Beräich vum Denkmalschutz engagéieren? Dir huet Iddien, Rotschléi oder Kommentaren, oder wëllt einfach am Conseil aktiv ginn? Mellt lesch bei ons: mouvement@patrimonial.lu!
Mir géifen eis doriwwer freeën.

Sie möchten sich im Bereich vom Denkmalschutz einsetzen, Sie haben Ideen, Ratschläge oder Kommentare, oder möchten einfach im Verwalttungsrat aktiv werden? Melden Sie sich bei uns: mouvement@patrimonial.lu! Wir würden uns freuen.

Vous souhaitez vous engager pour la protection du patrimoine architectural ? Vous avez des idées, des conseils à donner, des commentaires à faire, ou souhaitez simplement devenir actif au sein du conseil ? Ecrivez-nous : mouvement@patrimonial.lu !
Nous serions ravis.

### Wëllt dir Member ginn ? Melt lech un!

Dir wëllt Member vun **Mouvement Patrimonial Asbl** ginn an domadder ären Beitrag fir d'Beméiungen an d'Aktiounen vun dësem Interesseveräi fir den Denkmalschutz an d'Wäertschätzung vum lëtzebuergeschen Kulturierwen leeschten ?

Iwwerweist ären Joresbäitrag ob de Konto
**LU59 0019 5355 1506 4000,** bei der **BCEE**
vun **Mouvement Patrimonial Asbl**
an bestätegt domadder är Memberschaft (gülteg bis den 31.12.2021, min. **€ 20,-**, min. € 10,- fir Studenten, min. € 50,- fir Organisatiounen).

Schreift eng Email op mouvement@patrimonial.lu, an mir schécken lech gären en Umeldeformulaire (op LU, FR, DE, GB oder IT).

*Facebook*
*@mouvpat*
**1.786**
**Followers**

*Membre-fondateur*
**LDF**

**150+**
*Demandes de Classement*

**50+**
*Membres*

**10+**
*Questions Parlementaires*

*Instagram*
*@mouvement-patrimonial*
**462**
**Followers**